Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/04/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Gesondheet weiderzeleeden.

An der Chamberssëtzung vum 18. Dezember 2019 sot d'Madamm Ministesch am Kader vun der Froestonn, dass kee Mënsch soll mussen zu Lëtzebuerg op der Strooss liewen oder schlofen. An der Realitéit gesäit een awer nach vill Mënschen an Obdachlosëgkeet op de Stroossen vun eisem Land schlofen. Wéi rtl.lu den 02.04.2019 beriicht, sollen am leschte Joer 17 Mënschen, déi sech an Obdachlosëgkeet befonnt hunn, verscheet sinn. Ugesiichts den Aussoe vun der Ministesch engersäits an dem ambitiéise Plang vum Familljen- an Integratiounsministère fir d'Lutte géint de Sans-Abrisme anerersäits, sinn dës Zuele besuergneserreegend.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- 1. Besëtzt d'Madamm Ministesch Cahen Kenntnis vun dësen Zuele vun 2018 a ka Si dës confirméieren?
- 2. Falls dës Zuele stëmmen, aus wéi enge Grënn sinn dës Mënsche verscheet?
- 3. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass den aktuellen Aktiounsplang géint de Sans-Abrisme Mënschen an Obdachlosëgkeet genuch virun de Gefore vum Liewen op der Strooss schützt?
- 4. Wéi eng konkret Mesurë wäert d'Regierung an Zukunft ënnerhuelen, fir obdachlous Mënschen an Zukunft besser virun de Gefore vum Liewen op der Strooss ze schützen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député